SÉANCE 9

MARDI,
1ER DÉCEMBRE 2009

Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

1. Intervention de M. Xavier Bettel concernant l'annonce du retrait du rôle des affaires du projet de loi 6054 par M. le Ministre François Biltgen dans les médias

- *M. Xavier Bettel, M. Luc Frieden, Ministre des Finances*

2. Communications

- *M. le Président*

3. 6086 - Proposition de loi concernant des mesures à prendre contre les licenciements économiques abusifs

- *Déclaration de recevabilité: M. le Président*

4. Ordre du jour

- *M. le Président*

5. 6100 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2010

- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Lucien Thiel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, Jeannot Krecké, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler, Mme Octavie Modert et M. Romain Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Neen, Här President.

(Interruption)

M. le Président.- Den Här Bettel freet d'Wuert.

1. Intervention de M. Xavier Bettel concernant l'annonce du retrait du rôle des affaires du projet de loi 6054 par M. le Ministre François Biltgen dans les médias

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, ech wollt lech just froen, d'Regierung huet jo keng Matdeelung hei gemaach, fir eis ze informéieren, mä ech hu festgestallt, dass den Här Biltgen an engem Interview gesot huet, dass e Gesetzesprojet iwwert d'A.s.b.l.en him net géif goen. An ech zitéieren: «Je me suis tout de suite dit qu'il faudrait changer le projet de loi sur les associations en tant que nouveau ministre de la justice.»

Mir kréien ëmmer hei vun der Regierung matgedeelt, wann en neie Projet de loi déposéiert gëtt, et ass ëmmer e solennelë Moment. Mä mir kréien net matgedeelt, wann iergendwéi mat engem Projet de loi e Problem ass. Dat heescht, et wier vläicht net schlecht, wann e Minister wéilt e Projet de loi zréckzéien, dass dat och esou hei ugekënnegt gëtt, an net, dass een duerch d'Press gewuer gëtt, dass e Minister net mat engem Projet de loi zefridden ass.

Dowéinst sinn ech e bëssen iwwerrascht, dass de Minister net do ass, fir eis och déi Informatioun matzeginn.

M. le Président.- Den Här Finanzminister Luc Frieden, wann ech gelift.

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Här President, ech kann den Här Bettel berouegen. D'Regierung zitt de Projet de loi iwwert d'As.b.l.en net zréck. Mä d'Regierung, esou wéi bei all Projet de loi, deen um Instanzewee ass, lauschtert no, wou gutt Suggestioune sinn.

Dee Projet de loi, dee vun där leschter Regierung abruecht ginn ass, huet eng ganz Rei Améliorationen fir de Funktionement vun den As.b.l.en an de Fondatioune virgesinn. Déi kann een op enger Rei Punkte verbesseren. An dat geschitt am Kader vun der Procédure législative. Et ass net d'Intentioun vun der Regierung, duerch e formellen Akt dee Projet de loi zréckzezéien. Datt e verbessert gëtt, domat huet d'Regierung, esou wéi och bei aner Projet-de-loien, kee Problem.

2. Communications

M. le Président.- Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

6084 - Projet de règlement grand-ducal concernant les prescriptions techniques des bateaux de la navigation intérieure

Dépôt, à la demande de M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des infrastructures, le 16.11.2009

6085 - Projet de règlement grand-ducal portant modification:

- du règlement grand-ducal du 30 décembre 1992 portant application de la directive N°91/672/CEE du Conseil du 16 décembre 1991 sur la reconnaissance réciproque des certificats de conduite nationaux de bateaux pour le transport de marchandises et de personnes par navigation intérieure;

- du règlement grand-ducal du 12 décembre 2002 portant application de la directive N°76/135/CEE du 20 janvier 1976 sur la reconnaissance réciproque des attestations de navigabilité délivrées pour les bateaux de navigation intérieure telle qu'elle a été modifiée par la directive du 23 novembre 1978

Dépôt, à la demande de M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des infrastructures, le 16.11.2009

6086 - Proposition de loi concernant des mesures à prendre contre les licenciements économiques abusifs

Dépôt: M. André Hoffmann, le 17.11.2009

6087 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 juin 1972 sur les emblèmes nationaux

Dépôt: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, le 23.11.2009

6089 - Projet de loi modifiant et complétant les dispositions de l'article 45 de la loi du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental

Dépôt: Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 24.11.2009

6090 - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal modifié du 22 juin 2000 transposant la directive 96/98/CE du Conseil du 20 décembre 1996 relative aux équipements marins ainsi que la directive 98/85/CE de la Commission du 11 novembre 1998 modifiant la directive 96/98/CE du Conseil relative aux équipements marins

Dépôt, à la demande de M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 27.11.2009

6091 - Projet de règlement grand-ducal relatif à la mission d'observation de l'Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe des élections présidentielles en Ukraine

Dépôt, à la demande de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 27.11.2009

3) Du 28 septembre au 2 octobre 2009 s'est tenue à Strasbourg la 4e partie de la session ordinaire de 2009 de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe. Y ont assisté les six membres de la délégation luxembourgeoise à savoir, la présidente de la délégation, Mme Lydie Err, le vice-président, M. Norbert Haupert et les membres effectif et suppléants, Mme Anne Brasseur et MM. Jean Huss, Fernand Boden et Marc Spautz.

L'ordre du jour de la session avec le relevé des textes adoptés (13 résolutions et sept des recommandations) ont été distribués.

La 1re partie de session de 2010 de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe se tiendra à Strasbourg du 25 au 29 janvier 2010. Elle sera précédée par la réunion de la Commission permanente de l'APCE qui se tiendra à Berne, le 20 novembre 2009.

3. 6086 - Proposition de loi concernant des mesures à prendre contre les licenciements économiques abusifs

Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vum 26. November huet sech d'Presidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi N°6086 vum Här André Hoffmann géint ongerecht Entloossungen.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

4. Ordre du jour

An hirer Réunioun vum 26. November huet d'Presidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen:

Haut de Mëtteg hu mer d'Presentatioun vum Rapport iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2010.

Muer de Mëtteg um hallwer dräi hu mer: de Projet de loi 6090 iwwert de Bau vun Annexe fir den EU-Justizhaff nom Basismodell; zweetens, de Projet de loi 6043 iwwert de Bau vun der Maison des sciences humaines zu Belval, och nom Basismodell; dann de Projet de loi 6061 iwwert de Bau vun der zweeter Phas vum Laboratoire national de Santé zu Diddeleng, och nom Basismodell; an dann de Projet de loi 5823 iwwert d'Permission de voirie nom Modell 1. Dann zum Schluss hu mer d'Question avec débat N°4 vum Här Jean Huss iwwert d'Antitubaksgesetz.

En Donneschdeg um hallwer dräi hu mer den Exposé vum Finanzminister iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2010.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zum Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi vum Statsbudget fir d'Joer 2010, an dat esou wéi et am Artikel 109 vum Chambersreglement festgehalen ass. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel.

5. 6100 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2010

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Madame an Häre Ministeren, et ass nees esou wäit! Wann d'Chamber sech iwwert de Budget hiermécht, da geet d'Joer op säin Enn zou, da sinn de Kleeschen an d'Chrëschtkëndchen net méi wäit an da rabbelt et an de Butteksskeesen. Dat wäert och dëst Joer net vill anescht sinn. An dat, obwuel jiddweree spiert, datt iergendeppes sech geännert huet an datt et net méi gradesou ass wéi soss, net méi esou, wéi mir et an deenen zwee leschte Jorzéngte gewinnt waren, wéi et dem Gros vun eis Lëtzebuerger dach net allze schlecht gaangen ass.

Ech hu mir erlaabt, eng Etikett op mäi Budgetsrapport ze pechen. Eng al Déformation professionnelle, mat där ech an engems hoffen, menge fréiere Beruffskolleegen aus der Press d'Liewe méi liicht ze maachen, andeems ech hinnen direkt en Titel fir hir Artikele matliwweren. Ech hu mäi Rapport iwwerschriwwen: Un budget pour l'année charnière 2010. E Budget fir e besonnescht Joer, well et wuel en Iwwergangsjoer vun enger dach éischter gëllener Zäit an eng méi moer Period wäert sinn, déi dem Land a senge Leit a virun allem hire Politiker eppes méi wéi soss wäert ofverlaangen.

Dofir, an ech hoffen, datt Dir mir dat net iwwel huelt, huelen ech e bësse méi wäit a mengem Rapport aus a probéieren lech iwwert de Bord vum Teller, an dësem Fall iwwert d'Joer 2010 eraus, matzehuelen, fir e bëssen iwwert dat nozedenken, wat op eis zoukomme kéint a wéi mir deem begéine kéinten.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, et kann een natierlech net iwwer eist Land a seng Zukunft nodenken, ouni dee méi breeden internationale Kontext a Betruecht ze zéien. Mir Lëtzebuerger, a grad mir, liewen net op enger verloossener Insel wäit ewech vun allem a vun allen an nëmmen op eis eleng ugewisen. Just de Contraire ass wouer. Mir sinn, wat een esou nennt, eng offen Ekonomie, an zwar där eng, déi ouni Exporter an Importer iwwerhaapt net bestoe kéint, an dat am Contraire zu eise groussen Noperen, déi sech noutfalls - awer nëmmen noutfalls - nach ëmmer an eng gewëssen Autarkie flüchten an als Selbstversuerger iwwerliewe kéinten.

Dat ass jo och de Grond firwat mir eis säit iwwer 150 Joer a gréissere Wirtschaftsraim erëmdreiwen a firwat mir vun Ufank u bei Europa derbäi waren. Dat Europa, iwwert dat mir eis dacks genuch iergeren, mä dat eis um Enn dach jett méi bruecht huet, wéi mir eis selwer agestoe wëllen.

Dat lescht Joer war vun enger vun deene schlëmmste Wirtschaftskrise säit Mënschegedenke markéiert. Bal esou schlëmm wéi deemools virun 80 Joer, wéi Amerika an d'Depressioun geschliddert ass an e gudden Deel vum Rescht vun der Welt mat sech gerappt huet.

Och dës Kéier ass d'Kris vun de Finanzmäert ausgaangen, méi genee vun Amerika, wou vill ze laang eng Politik vun de bëllege Sue bedriwwe ginn ass, fir de Leit esou eppes wéi en éiwege Boom virzemaachen. Mam Resultat, datt op Däiwel komm eraus Sue gepufft gi sinn, bis datt dann dat Ganzt gebascht ass.

D'Verschëldung vun den amerikaneschen Haushalter bei de Banke war awer an der Tëschenzäit en drolege Wee gaangen. Dee louch net méi bei de Banken, war net méi an hire Bicher, mä e war iwwert de Wee vu

sougenannten Titrisatiounsprodukter - fréier hätt ee gesot Scholdschäiner - iwwert de ganze Globus gestreet ginn.

Duerch d'Globaliséierung, déi aus der Welt en eenzegt grousst Duerf gemaach huet, ass et eréischt méiglech ginn, datt en Duerchschnëttsverdénger an Europa, deen eppes fir seng al Deeg wollt maachen, ouni et ze wëssen, där fauler Scholdschäiner aus Kalifornien oder soss anzwousch an Amerika kaaft huet.

Mat un deem Rad hunn esou muncher gedréit an dobäi och kräfteg verdéngt. Fir d'alleréischt d'Banquieren an déi aner Mëttelsmänner aus der Finanzwelt, déi déi schéi verpaakte Scholdschäiner - am Fachjargon „Subprimes" genannt, well vun Ufank u gewosst war, datt et sech net grad ëm dat Gielt vum Ee géif handelen -, also déi, déi an Zertifikater an an aner blénkege Pabeier verpaakte Subprimes un de Mann respektiv un d'Fra bruecht hunn.

Dobäi waren hinnen déi sougenannt Ratingsagencë behëlleflech, fir bei den Titrisatiounspäck déi beschten Nouten opzekliewen an esou hiren Deel derzou bäizedroen, datt um Wee aus enger Hand an déi aner déi Wäertpabeieren ëmmer méi deier gi sinn, derbannst a Wierklechkeet hire Wäert ëmmer méi ofgeholl huet.

Dat Spill konnt einfach net riicht ausgoen, och wa munche Spezialist geduecht hat, elo hätte mir den Trick vun dem an d'Onendlecht wuessende Räichtum fir jiddwereen eraus. Mir kennen all d'Enn vum Lidd. Et huet gehéireg gerabbelt. Et sinn e puer Banken d'Baach erofgaangen, dorënner eng vun deene gréissten amerikaneschen Investmentbanken, derbannst déi aner mat Milliardesprëtzen aus de Statskeesen hu misse virun der Faillite gerett ginn.

Déi grandios Blos mat hire Milliarden Zommen, deenen nach just e klenge Brochdeel, e ganz klenge Brochdeel u reellem Wäert géigeniwwerstoung, war geplatzt an hat Millioune Spuerer ronderëm d'Welt ëm hir Sue bruecht.

Op eemol ware si ganz kleng ginn, déi bis dohinner bewonnerten a beneidte Goldjongen oder Goldjéngelcher, déi mat deenen anere Leit hire Sue Casino gespillt, sech domat d'Täsche gefëllt a sech liichtfankeg iwwert déi ekonomesch Grondregel ewechgesat haten, datt de Gewënn an enger direkter Relatioun zum Risiko steet. Mä dat hat si kaum gedréckt. De Gewënn hate jo si, an de Risiko hir Clienten; an um Enn de Stat, also de Steierzueler, well deen huet missen asprangen, fir d'Finanzwelt virum Kollaps an d'Wirtschaft virun enger katastrophaler Depressioun ze retten.

An der Tëschenzäit war de Fonke jo op d'ganz Ekonomie iwwergesprongen. Déi Éischt, déi et gemierkt hunn, war d'Autosindustrie, virun allem déi amerikanesch, bei där nach derbäikoum, datt si sech vill ze vill laang däers allgemengen Trends zu méi spuersamen a méi ëmweltfrëndlechen Autoe foutéiert hat. Kee Wonner, datt do déi Firma, déi jorzéngtelaang déi gréissten op der Welt war, nämlech General Motors, op eemol an d'Schliddere geroden ass an nëmme mat honnerte vu Milliounen Dollar aus der Statskeess virun der Faillite gerett konnt ginn. An dat ass nëmmen ee Beispill vu villen.

D'Politik, déi bis dohinner éischter passiv all deene Goldjongen an hirem Gespills nogekuckt hat a si souguer ëm hir Succèsë beneit huet, ass dunn endlech erwächt an huet sech op d'hënnescht Bee gestallt, fir d'Kar erëm aus dem Dreck ze zéien. A si huet dës Kéier dat Richtegt gemaach. Si ass net, wéi deemools nom Schwaarze Freideg am Oktober '29 an der Wall Street, mat zwee Féiss op d'Brems gesprongen, wat zwar als Reflex ze verstoen ass, mä wat d'Saach deemools nach vill méi schlëmm gemaach hat a schliesslech an där grousser Depressioun gëennegt ass.

Dës Kéier gouf genee den ëmgekéierte Wee geholl. Esou wéi den John Maynard Keynes et an den 30er Jore virgeschloen hat, hunn d'Regierungen dës Säit an déi Säit vum Atlantik net op d'Brems, mä op de Gas gedréckt. Si hunn eben dat gemaach eigentlech, wat jiddweree vun lech weess, wat ee muss maachen, fir aus der Kéier ze kommen ouni am Gruef ze landen. Doduerch, datt all Regierunge Suen an hir Ekonomië gepompelt hunn, fir d'Banken an der Riicht ze halen, den Entreprisen hir Optragsbicher ze fëllen oder erëm ze fëllen a virun allem d'Kafkraaft vun de Leit ze stäipen, konnt dat Schlëmmst verhënnert ginn.

Esou hunn déi Regierungen et fäerdeg bruecht, hir Ekonomië virum Däiwelskrees vun der Rezessioun an hirem Ofsacken an d'Depressioun mat all hire wéischte Konsequenzen ze retten. Dat alles huet allerdéngs säi Präis. De Revers vun esou enger antizyklescher Politik ass déi Verschëldung, an déi dann och d'State mat hire Rettungsaktioune gerutscht sinn. Déi Wéinegst hate genuch Suen op der Säit, fir hir Ekonomien ze stäipen an hunn dofir misse puffe goen, wat natierlech zu enger onmoosseger Verschëldung geféiert huet.

Eng Rëtsch vun europäesche State sinn dann och entre-temps iwwert déi Maastrichter Kritären erausgeschoss; d'Fransouse louchen am Summer scho bei 75% vun hirem PIB; d'Belsch si längst erëm iwwer 100%; a souguer déi däitsch Musterschüler sinn entre-temps mat 63% iwwert d'Maastricht-Grenz eraus.

Här President, bei eis heiheem schéngt dat alles net esou schlëmm ze sinn, well mir leien nach ëmmer mat eiser Statsverschëldung ënner 20% a kéinten eis deemno nach deen een oder aneren Hoff leeschten. Dat ass jiddefalls d'Meenung vun esou muncherengem hei am Land; wat och ze verstoen ass, well keen drop versiess ass, elo op d'Spuerbrems ze drécken an eventuell de Rimm e bëssen unzezéien. Mä just dat kéint eis elo bléien, well de Krisestuerm och net iwwer eist Land ewechgezunn ass, ouni seng Spuren ze hannerloossen.

Natierlech huet et och dobäi eis Banken erwëscht, fir d'alleréischt eis Banken, well mir haten et jo fir d'éischt mat enger Finanzkris ze dinn. Do wär et wuel e Wonner gewiescht, wann eis Finanzplaz ongeschueren dervukomm wär. Eis zwou traditionell Privatbanke kruten allerdéngs duerch hir Mammen am Ausland, an net, well si heiheem net gutt geschafft hätten, d'Kris voll ze spieren an hunn am September d'lescht Joer an enger Weekendsaktioun misse vum Stat gerett ginn: déi eng mat enger Garantie iwwer véier an eng hallef Milliard, déi aner mat enger Kapitalsprëtz vun zwou an enger hallwer Milliard.

Déi Suen - dat muss een allerdéngs wëssen - sinn awer net à fonds perdus, well iergendwa kritt de Stat se erëm, an an der Tëschenzäit kasséiert hien Zënsen an Dividende vun deenen zwou Banken.

Och déi aner Banken, vun deene mir der nach knapps 150 bei eis hei am Land hunn, kruten es of, wann och net an deemselwechte Mooss wéi hir Schwësteren an hir Mammenhaiser am Ausland. Dat hänkt domat zesummen, datt déi meescht Geldinstituter, déi bei eis aktiv sinn, eng éischter konservativ Schinn fueren a sech net un där verréckter Spekulatioun bedeelegt haten, an déi sech déi sougenannt Investmentbanke gestierzt haten. Déiselwecht, déi - niewebäi gesot - schonn erëm ganz schéi monter sinn an erëm an hir al Naupe verfalen, nach éier d'Politiker hinnen d'Zamgeschier ugedoen hunn.

Well si mat deem reelle Geld vun hire Clientë geschafft hunn, an net mat deene Monopolis-Sue vun hire Kolleegen Investmentbänker, hunn eis Banken net déiselwecht Risquë geholl an och net an deemselwechte Mooss Sue verluer. A well si alleguerten Universalbanke sinn, déi op méi Been danze kënnen - eng Kéier op deem vum Zënsmarsch, eng aner Kéier op deem vum Kommissiounsgeschäft -, hu si esou eppes wéi eng Féckmillchen: Wann dat eent emol manner gutt leeft, da leeft dat anert ëmsou besser, an ëmgekéiert.

Trotzdeem kruten eis Banken alleguerten eng geméitscht. Déi eng méi, déi aner manner. Hir Resultater ware schonn zejoert fënnef Prozent no hanne gaang. An 2009 gesäit et nach e bësse méi schlëmm aus; besonnesch am Private banking, wat allerdéngs net nëmme mat der Kris ze dinn huet. 780 Aarbechtsplazen, dat heescht, zwee Prozent vum Emploi am Secteur si schonns an de Banke verschwonnen, an et däerften der nach bis zu dräimol méi an der nächster Zäit ewechfalen, well eng Rëtsch vu Banke wahrscheinlech bei eis de Buttek zoumaache wäerten.

De Stat kritt dann och dat bei de Recetten ze spieren, well eleng bei der Kierperschaftssteier sinn d'Banken an déi aner Finanzacteure mat zwee Drëttel derbäi. Deemno wéi een elo rechent, kritt d'Steierverwaltung fir dëst Joer nëmmen e Brochdeel vun där gewinnter Kierperschaftssteier, well d'Banken all déi faul Titren - si haten der och an hire Portefeuillen - hu misse provisionnéieren, an dat waren iwwer véier Milliarden 2008, wat da mat sech bruecht huet, datt den Imposable - also do, wou d'Steieren drop gerechent ginn - deementspriechend geschrompt ass.

Net vill besser ass et deem anere Bee vun eiser Finanzplaz, nämlech den Investmentfonge gaang. Deenen hir Avoirë ware vun 2.100 Milliarden Euro op 1.600 Milliarden erofgebonzelt. An et ass eréischt säit kuerzem, datt et dank der Hausse op de Bourssen erëm biergop geet. Och dee Creux huet de Stat ze spiere kritt. D'Taxe d'abonnement, déi op den OPC, also den Organismes de placement collectif ufält, wäert dëst Joer ronn 135.000 Milliounen Euro manner erabréngen, wéi nach dat Joer virdrun, an domat 170 Milliounen ënnert de Budgetserwaardunge leien. Datt do dem Finanzminister seng Rechnung net méi opgoe kann, läit wuel op der Hand.

Am beschte schéngen nach d'Assurancen dervukomm ze sinn, och wann hiert Schluechtschëff, nämlech d'Liewensversécherungsgeschäft, iwwert d'Grenzen ewech - dat heescht da Libre prestation de services, ofgekierzt LPS - eng zimlech Bëlls kritt huet. Wann et ënnert dem Strëch trotzdeem gutt ausgesäit, da virun allem doduerch, datt déi gréisste Réckversécherungsgesellschaft vun der Welt kierzlech hiren europäeschen Headquarter bei eis opgeschloen huet an d'Resultater doduerch kräfteg no uewe gepusht gi sinn. Wat alt erëm eng Kéier - a Klammere gesot - weist, datt een an enger klenger Ekonomie wéi eiser net ze vill mat makroekonomesche Miessinstrumenter hantéiere soll, well eng eenzeg Firma d'ganz Statistik iwwert d'Kopp geheie kann; natierlech am Gudde wéi am Schlechten.

Mä domat emol einstweile genuch iwwert d'Finanzplaz. Eis Ekonomie besteet schliesslech net nëmmen aus Banken, och wann déi bal e Véirel zu eisem PIB bäidroen, wann een d'Ëmgeréits matrechent souguer en Drëttel.

Méi nach wéi d'Finanzplaz goufen Eenzelner vun deenen anere Wirtschaftssecteure getraff, virop eis Industrie. Ob et elo d'Betriber sinn, déi fir d'Automobilsindustrie schaffen an déi duerch d'Kris bis zu 40% vun hirem Ëmsaz agebéisst hunn, oder eis Stolindustrie, déi nëmmen nach mat hallwer Kraaft an hire Lëtzebuerger Wierker fiert, well net méi Commanden do sinn. Dat soll elo neierdéngs erëm e bësse besser ausgesinn, well weltwäit d'Konjunktur erëm unzezéie schéngt. Mä mir sinn nach e gutt Stéck vun där Vitesse de croisière ewech, mat där mir virun der Kris gefuer sinn.

Am mannsten hunn nach déi Beräicher vun eiser Ekonomie gelidden, déi méi op de Bannemaart fixéiert sinn; op de Lëtzebuerger Bannemaart, wuelgemierkt. Mol ofgesi vun eiser Landwirtschaft, déi sech mat miserable Maartpräisser souwuel fir d'Käre wéi och fir d'Fleesch a besonnesch fir d'Mëllech erëmschloe muss an op öffentlech Hëllef ugewisen ass, schéngen déi aner Secteuren um Bannemaart d'Kris ouni ze vill Blessen hannert sech bruecht ze hunn, wann och déi eng emol mat méi Blesse wéi déi aner.

Dat gëllt fir de Bausecteur, dee sech allerdéngs nëmme méi mat dem Wunnengsbau iwwer Waasser hale kann, well de Marché vun de Bürosgebaier quasi um Buedem läit.

Eng ähnlech Erfahrung mécht och am Ablack eis Luxair, déi zwar weiderhin äifreg Inclusive-Tours fir d'Vakanze verkeeft, mä mat eidele Businesssëtzer doruechter flitt, well an de Betriber dat grousst Spueren ausgebrach ass.

Dat gesäit een e bëssen iwwerall. Alles, wat mat den Entreprisen ze dinn huet, ass massiv zréckgaangen. Mä soubal d'Privatkonsumenten an d'Spill kommen, dann ass d'Kris esou gutt wéi ewechgeblosen.

Dat huet natierlech eppes mat där antizyklescher Politik ze dinn, déi d'Regierungen iwwerall an och bei eis heiheem praktizéieren. D'Paien an d'Nettoakommes vun deene meeschte vun eis hunn nach net gelidden. Ofgesinn natierlech vun deenen, déi an der Kuerzaarbecht hänken oder souguer hiren Job verluer hunn. Mä well et sech bei deene Leschten nach ewell gär fir d'éischt ëm Grenzgänger handelt, mir also zum Deel eise Chômage exportéieren, ass d'Kris eigentlech nach net esou richteg an deene meeschte Käpp bei eis ukomm.

Hei hu mir Politiker, a mat eis, géif ech soen, och d'Medien, eng Aufgab ze erfëllen, laanscht déi mer eis net drécken däerfen. A wann et och nach esou désagréabel ass, musse mir de Leit d'Wourecht soen. Déi Wourecht, datt mir riskéiere vun eiser gewinnter Flughéicht erof méi no bei déi aner ze kommen an dann an d'Gewulls ze geroden.

An anere Wierder: Wa mir vun eisem Duerchschnëttswuesstum vun ëm déi 5% an der Vergaangenheet erof op 3 oder souguer 2% falen, wou déi meescht aner Länner sech erëmklappen, da musse mir eis méi waarm undinn an e puer agréabele Gewunnechten Äddi soen, déi mir eis bis elo leeschte konnten.

Ech weess, datt keen dat gär héiert an datt de Budgetsrapporteur mat esou Aussoen net onbedéngt dat erëmgëtt, wat deen een oder deen aneren och heibannen an dësem héijen Haus denkt. Mä ech mengen, et ass besser, datt mir eis op e bësse manner gutt Perspektiven astellen, fir herno keng béis Surprise ze kréien. Wann et sech dann erausstelle sollt, datt den Härgott dach nach ëmmer e Lëtzebuerger ass an derfir suergt, datt mir an aller Gemittlechkeet weiderfuere kënne wéi bis elo, derbannst ronderëm eis all déi aner sech an Austéritéit übe mussen, da kënne mir desto méi frou doriwwer sinn. Mä ech kann net esou richteg doru gleewen.

Här President, an dëst agestoenermoosse subjektiivt an nach laang net vu jiddwerengem gedeelte Stëmmungsbild era situéiert sech dann de Budget fir 2010, iwwert dee mir elo befanne sollen. Dir kennt alleguer seng Eckwäerter, well Dir lech säit der Rentrée intensiv dermat beschäftegt hutt, esou datt ech lech elo net mat Zuele bombardéiere muss. Déi fannt Dir souwisou an deem déckeche Buch vun eisem Finanzminister an an ofgespeckter Form och a mengem schréftleche Rapport.

D'Zäiten, wou mir en ausgeglachene Budget haten a wou mir souguer eppes op d'Säit leeë konnten, fir den Ausbau vun eisen Infrastrukturen ze finanzéieren, sinn einstweilen eriwwer. D'Chiffere loossen nun ebe keen anere Schluss zou. Et huet keen Zweck, eis an d'eegen Täsch ze léien an ze maachen, wéi wann näischt geschitt wier.

Mir hunn eis mat där antizyklescher Politik, déi - dat sief nach eng Kéier ënnerstrach - déi eenzeg richteg Reaktioun op d'Kris war, e kënschtleche Wuelstand erhalen, fir dee mir mat enger progressiver Verschëldung bezuele mussen. Wann, wéi dat am Budget fir dat anert Joer de Fall ass, d'Dépensë vum Stat ëm bal 6% an d'Luucht ginn, an déiselwecht Zäit deemselwechte Stat seng Recetten ëm bal 8% zréckginn, da misst ee sech dach eigentlech eeschtlech Gedanke maachen!

Et brauch ee kee Mathematiker ze sinn, fir zur Konklusioun ze kommen, datt déi Rechnung net opgoe kann. Deen Écart vun 13 Prozentpunkte mécht een Defizit vun 1,3 Milliarden Euro aus. Dat wieren an ale Frangen 53 Milliarden.

Déi 1,3 Milliarde mussen da bei déi 2,2 Milliarde gezielt ginn, déi eis schonn 2008 an der Keess gefeelt hunn, well mer d'Banken deemools hu misse retten, an och bei déi 400 Milliounen, déi dem Finanzminister um Enn vun dësem Joer feele wäerten, obwuel hie vum engem ausgeglachene Budget ausgaange war. Zesumme mécht dat e Lach vu bal véier

Milliarden, dat dann aus der Reserv gefëllt muss ginn. A well och déi amgaang ass eidel ze ginn, bleift soss keen Auswee méi wéi Verschëldung. An déi wäert dat anert Joer gär iwwer siwe Milliarde klammen, an dat ass da ronn ee Fënneftel vun deem, wat mir esou an engem Joer erwirtschaften.

Et ass eigentlech net verwonnerlech, datt sech do d'Leit Froe stellen. Zum Beispill déi, wéisou mir nach weiderfueren, wéi wann näischt wier, an dobäi d'Waasser eis geschwë bis un den Hals steet. Oder, méi gehuewen ausgedréckt: Wéi laang kënne mir eis nach dee keynesianeschen „deficit spending" iwwerhaapt leeschten? Wat dann den normale Bierger erëm esou iwwersetzt: Wann et esou schlëmm ass, wéini klamme mir dann endlech op d'Brems, amplaz nach weider Gas ze ginn?

De Lëtzebuerger, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir wësst et, ass duerch d'Bänk vu klenge Leit hier an huet duerfir e ganz feint Gespier fir déi ekonomesch Virgäng. Hie spiert, datt do eppes net klappe kann, wann d'Schéier tëschent Dépensen a Recetten ëmmer méi wäit opgeet, wann d'Reserven eidel ginn an op eemol keng Sue méi do sinn, fir dem Land déi Infrastrukturen ze ginn, déi him et och nach an Zukunft erlabe sollen, mat deenen anere Länner matzehalen.

Duerfir muss een de Leit dobaussen erklären, firwat mir trotz där quokeleger Finanzsituatioun nach ëmmer e kënschtleche Wuelstand erhalen oder einstweilen nach erhalen, amplaz eis direkt der Decken no ze strecken.

Mir wëssen, wéi all déi aner och, datt esou enger antizyklescher Politik Grenze gesat sinn. Nëmmen, do, wou d'Meenungen auserneeginn, ass iwwert den Zäitpunkt, wou ee vun der Gas- op d'Bremspedal wiessele muss. Déi eng mengen, datt dat scho laang hätt misse geschéien, well grad e klengt Land wéi eist sech keng esou eng déck Schold leeschte kéint wéi e grousst Land.

Déi aner mengen, dat alles däerft een net esou enk gesinn, zëmools mir nach e bësse Sputt hätte fir eis ze verschëlden. Mol eng Kéier dovunner ofgesinn, datt béid Säiten, déi eng wéi déi aner, alt esou hir Hannergedanken hunn, wa se hir Positioune verdeedegen, wäerte mir wuel maache wéi déi aner Länner och an déiselwecht Zäit wéi déi aner op d'Brems trëppelen.

Wann een esou héiert, misst dat am Laf vum iwwernächste Joer sinn. E bësse méi fréi, wann et den Europäer géif nogoen, déi esou séier wéi méiglech zu geuerdnete Finanzverhältnisser zréck wëllen; e bësse méi spéit, wann een den Amerikaner nolauschtert, déi sech offensichtlech net esou vill Gedanken iwwert hir Verschëldung maachen, obwuel déi all Rekorder brécht.

Mä och dat wäert net esou einfach sinn, fir déi Kéier ze huelen. Schliesslech wier dat, wéi wa mir vum fënnefte Gank an de Réckgank géife schalten, wat bekanntlech net ouni Gekrätschs ofgeet. Déi Kéier ka wuel nëmme mat Beduecht geholl ginn, net abrupt an och net am Powerslide. Dat heescht awer, datt et seng Zäit wäert daueren, bis mir eis gedréit hunn, an datt an där Zäit d'Verschëldungsauer monter weiderleeft.

Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, op d'mannst sollt ee sech elo alt emol scho Gedanken driwwer maachen, wou een den Hiewel usetze muss, fir d'Situatioun ëmgekéiert ze kréien an erëm aus dem Scholdelach erauszekommen.

Normalerweis ginn et an esou enger Situatioun dräi Léisungen. Entweder fänkt de Stat u kräfteg ze spueren, fir iwwert dee Wee erëm an d'Gläichgewiicht ze kommen, oder hien dréit d'Steierschrauf erop, fir esou zu deene Suen ze kommen, déi hie fir seng Budgetsbalance brauch, oder awer e kombinéiert déi zwou Léisunge mateneen, fir op déi Aart a Weis säi But ze erreechen.

Elo kéinte mir hei stonnelaang driwwer streiden, wat fir eng dann elo déi beschte Solutioun wier. Ech mengen awer, et soll ee kee Reliounssträit aus där Fro maachen. Ech hätt perséinlech eng liicht Preferenz fir déi kombinéiert Léisung, déi awer doranner bestoe géif, datt ee fir d'éischt probéiert, esou vill wéi méiglech ze spueren, a wann een do all Ecken ausgekraazt huet an dat nach ëmmer net duergeet, da soll een eréischt un d'Steierschrauf dréie goen.

Fir esou eng Reiefolg gëtt et natierlech e Grond. Mir si jo alleguer driwwer eens, datt ee fir d'éischt déi Sue verdénge muss, déi ee verdeele wëllt. Fir awer Sue lousen ze kënnen, muss een déi néideg Virausetzunge matbréngen, zu deene virun allem d'Kompetitivitéit vun der eegener Ekonomie gehéiert. An déi erëm hänkt eng Kéier zu engem gudden Deel vun der Produktiounscapacitéit vun der Vollekswirtschaft of.

Ech weess, d'Patronë sinn droleg Gesellen, an déi eng sinn emol méi, déi aner emol manner frou mat hinnen, mä ouni si an hir Produktiounsapparater geet et nun eemol net. Wann een hinnen awer elo d'Steierschrauf zoudréit, well een et jo do huele soll, wou angeblech eppes ze huelen ass, da kéint et emol eng Kéier engem bléien, datt déi Patronë sech anerwäerts etabléieren oder iwwerhaapt emol guer net bei eis an d'Land kommen, an da misste mir kucken, mat wat mir eis Suen da géife verdéngen.

Une voix.- Très bien!

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Duerfir soll een net ze séier un d'Steierschrauf dréie goen, fir seng Finanzen an d'Rei ze bréngen. Et gëtt bestëmmt eng Rëtsch vu Méiglechkeete fir ze spuere beim Stat an a sengem Liewensstil, deen net ëmmer vu Spuersamkeet gekennzeechent ass.

Op anere Plazen ass scho probéiert ginn, de Verwaltungsapparat ënnert d'Lupp ze huelen an de Spuerhiewel unzesetzen. Esou e Screening mécht sech meeschtens bezuelt a wier an eisem Fall sécher ubruecht, well een dach d'Tendenz huet, a gudden Zäiten e bësse méi large am Ëmgank mat de Suen ze sinn an domat gewëssen Onsitten aräissen, déi mat der Zäit richteg an d'Geld schloe kënnen. Zwar ass an deene leschte Joren d'Kontroll an deem Beräich däitlech verstäerkt ginn, mä eng grëndlech Radiographie, déi bis an de leschten Tirangseck kucke géif, gouf et esou nach net.

Da sief och d'Fro erlaabt, ob een net gutt géif drun doen, fir emol erëm déi gutt al Budgetsnorm aus dem Schaf ze huelen, un där sech fréier Regierunge festgehalen hunn. Esou eng Norm, déi an der Regel aus engem Mix vu mëttelfristegem Wuesstum, Inflatiounserwaardung an engem Elastizitéitsfacteur besteet, mat deem der Steierprogressioun Rechnung gedro gëtt, géif als Riichtschnouer déngen, un déi sech da jiddweree beim Stat ze halen hätt. Grad an esou enger Situatioun wéi déi, an där mir eis haut befannen, géif esou en Disziplinscorselet wuel säin Déngscht maachen.

Wa mir schonns vu Rigueur budgétaire schwätzen, da soll hei och e Wuert iwwer eng Iddi verluer ginn, déi de Kolleeg Roger Negri sengerzäit als Budgetsrapporteur hei op d'Tapéit bruecht hat a bei där et sech ëm eng méi performant a méi transparent Budgetiséierung handelt. D'Fransousen hunn esou eppes, bei hinnen heescht dat „loi organique relative aux lois des finances", ofgekierzt LOLF; mä ech hunn nach iwwer eng hallef Dosen aner Beispiller uechtert d'Welt fonnt, déi et all derwäert sinn, studéiert ze ginn.

Entre-temps huet sech eis Cour des Comptes erfreelecherweis der Saach ugeholl an un engem Lëtzebuerger Modell gezammert, deen op eis Verhältnisser zougeschnidden ass a mat deem mir eis hei an der Chamber emol méi intensiv beschäftege sollen, genee wéi mat der Propositioun vum Kolleeg Roger Negri, déi jo schonn eng Zäit hei virläit.

Knäipe bei deenen anere soll an dësem Fall emol ausnahmsweis net verbuede sinn.

Fir dat Kapitel iwwert d'Budgetstechnik ofzerënnen, dierft een nach wuel e puer Wierder iwwer zwou weider Iddië verléieren. Et geet op där enger Säit ëm d'Evaluatioun vun de Recetten, déi natierlech net mat leschter Prezisioun virausberechent kënne ginn, mä ouni méiglechst exakt an aktuell Donnéeën ass et schwéier, e verstännege Budget opzestellen. Dofir misste mir eis Evaluatiounsmethod nach e bësse verfeineren.

Den éischte Schrëtt ass jo schonns domat gemaach ginn, datt de Finanzminister eis Kommissioun - d'Budgets- a Finanzkommissioun - um Lafenden iwwert d'Steierrecetten hält. Mä déi Methodologie léisst sech nach perfektionéieren, fir datt d'Extrapolatiounen an d'Previsiounen am Budget esou no wéi méiglech un déi ze erwaardend Realitéit erugefouert kënne ginn.

Deen anere Punkt huet eppes mat der Transparenz vum Budget ze dinn an domat, wéi en och fir den Netageweihten, fir de Bierger verständlech gemaach ka ginn. Dat ass awer grad mat der Maastricht-Method net méi einfach, mä am Contraire méi komplizéiert a méi onduerchsiichteg ginn. Säit zu Maastricht d'nei Kritäre fir d'Budgete vun de Memberen opgestallt gi sinn, fuere mir zweegleiseg, wat dauernd zu Konfusioune féiert.

Eisen traditionelle Budget fousst um Statskontabilitéitsgesetz vun 1999, dat nëmmen de sougenannten Zentralstat berücksichtegt, dofir awer d'Spezialfongen net ausklamert, déi sengerzäit als eng Zort Spuerbécks erfonnt goufen, fir doraus déi grouss Infrastrukturaarbechten ze finanzéieren.

D'Maastricht-Method, déi hirersäits op dem europäesche Kontabilitéitssystem SEC 95 baséiert, këmmert sech net ëm eis Fongen, zitt awer dofir d'Sozialkeesen op där enger Säit an d'Gemengen op där anerer Säit mat a Betruecht.

Dat erkläert dann och, firwat mir bei Maastricht besser mat eisem Budget ewechkommen, well eis Pensiounskeesen nach ëmmer Iwwerschëss ausweisen a well op där anerer Säit d'Gemenge bis elo ëmmer als finanziell ausgeglach op Bréissel gemellt gi sinn.

Dat si se wahrscheinlech net. Mä well eis Gemengen därmoosse mat hirem Reporting hannendra sinn - ech entschëllege mech bei de Kolleege Buergermeeschteren -, gëtt alt ganz einfach hir Finanzsituatioun iwwert den Domm geschat.

Kee Wonner, datt kee sech méi an deem Duercherneen erëmfënnt, a scho guer net de Bierger, deem mir jo grad de Budget an iwwerhaapt d'Politik méi no bréngе wëllen. En éischte Versuch, fir e bëssen den Duerchbléck ze kréien, gouf virun dräi Joer gemaach an huet domat gëennegt, datt sech de Budget ëm en drëtte Band vergréissert huet, dee Maastricht mat eranhëlt. Mä wann ee wierklech transparent wëllt ginn, an dat ass een dem Bierger schëlleg, da misst ee sech vläicht iwwer eng eenheetlech Presentatioun eens ginn, an där da jiddweree sech géif erëmfannen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, et goung éinst vill iwwert d'Kris an iwwert hir Auswierkunge Rieds an et gouf do och schonn drop higewisen, datt eis Ekonomie, an domat mir alleguerten, vläicht méi rauen Zäiten entgéintginn. Elo huet dat eent awer nëmmen indirekt mat deem aneren ze dinn an et soll een déi zwou Saachen ausenanerhalen, fir net ze vill Duercherneen ze maachen.

D'Kris, déi grouss Weltwirtschaftskris, ass virun allem eng Konjunkturkris, eng ganz gehéireg wuel, awer dach eng, déi eriwwergeet, wéi all Kris eriwwergeet, déi aus engem iwwerhëtzte Marché entstanen ass. Wëllt dat dann elo heeschen, datt, wann d'Kris eriwwer ass, a si ass jo anscheinend schonn um beschte Wee dohinner, dann erëm alles esou gëtt wéi virdrun? Virausgesat natierlech, d'Politik setzt sech duerch an hëlt d'Finanzjongleuren an d'Gitt, éier déi erëm an hire Casinoskapitalismus verfalen.

Dat wäert wuel esou kommen. D'Weltwirtschaft erhëlt sech erëm, et geet op en Neits biergop bis uewen un d'Spëtzt an op déi nächst Surchauffe zou, an duerno geet et erëm biergof an iergendwéi rabbelt et erëm. Dat war nach ëmmer esou, just datt déi Achterbahn mat der Zäit entschäerft ginn ass an net méi esou extrem Héichten an Déifte kennt. D'Politiker a virun allem d'Zentralbanquiere kënnen haut relativ séier op Konjunkturschwankunge reagéieren an hinnen d'Spëtzten ofbriechen. Wëllt dat dann elo heeschen, datt och mir Lëtzebuerger deemnächst aus dem Schneider sinn? Lande mir erëm do, wou mir virun der Kris waren?

Ech fäerten net. Et huet sech nämlech an der Kris eppes gedoen, dat gréisstendeels iwwersi ginn ass an dat sech elo eréischt esou richteg bemierkbar mécht. Et ass net ausgeschloss, datt sech hannert där grousser konjunktureller Weltwirtschaftskris eng aner Kris verstoppt, déi nëmme mat Lëtzebuerg ze dinn huet an déi net konjunktureller, mä struktureller Aart ass; also eng Kris hannert der Kris.

Ëm wat geet et da bei där Kris? Mä an alleréischter Hisiicht ëm eis Finanzplaz, déi definitiv a stiermescht Waasser geroden ass an elo riskéiert, dat eent oder anert vun hire Segelen ze verléieren.

Mir wëssen, datt ee vun hire gréissten Atouten an der Vergaangenheet d'Bankgeheimnis war, op deem se zu engem gudden Deel opgebaut ginn ass. Haut ass dat zwar net méi grad esou, well mir eis dach awer mat der Zäit aus där Ofhängegkeet vun dem Secret bancaire erausgeschafft hunn. Datt mir awer de Secret weiderhi brauchen, steet fest. Well hie géiert einfach zum Bild, wat d'Clienten dobausse vu Lëtzebuerg hunn: nämlech dat vun enger Finanzplaz, wou d'Sue gutt verwalt ginn a wou dem George Orwell säi Big Brother bis elo nach näischt verluer hat. Mir halen op deen Nimbus vun der seriöer, zolitter a kompetenter Finanzplaz, déi nach Respekt virun deem huet, wat den Englänner „privacy" nennt an op dat eigentlech all Mënsch en Urecht huet - och de Bankclient.

Dat gesinn déi meescht aner Länner awer net esou. Hinne geet et net duer, datt si iwwert de Wee vun der Quellesteier, déi mir virun e puer Joer agefouert hunn, zu Hirem kommen, well mir hir Résidentë besteieren, wa se e Kont bei eis hunn, an dann d'Suen anonym natierlech an hiert Heemechtsland iwwerweisen. Neen, si hätte gär nach méi. Si hätte gär en total transparente Steierzueler, iwwert dee si automatesch alles gewuer ginn, wann hien e Kont am Ausland huet.

Déi ganz Geschicht mam Bankgeheimnis huet sech mat der Kris nach zougespëtzt. Op där éischter Sitzung vum G20 zu London, op där Ausweeër aus der Finanzkris sollte fonnt ginn, hat ee vun de Statschefe sech därmoossen an d'Bankgeheimnis verbass, grad wéi wann dat schold un der Kris gewiescht wier, an huet sech net ginn, bis datt seng Roserei op déi sougenannt Steierparadäiser hiren Néierschlag och am Schlusscommuniqué fonnt huet. Dat war deemools, wéi déi ominéis schwaarz oder gro Lëscht entstanen ass, mat där quasi all Finanzplazen - natierlech bis op deene Groussen hir! - dozou gezwonge goufen, dem Drock nozeginn an hire Secret méi labber ze maachen.

Domat kënnen d'Lëtzebuerger an hir Finanzplaz nach zur Nout liewen. Virausgesat, et bleift bei enger Kontrollmatdeelung op Ufro, enger Entraide administrative sur demande tëschent de Fiskalverwaltungen eben dee Moment, wann et e Verdacht op Steierhannerzéiung gëtt. Just dat awer ass a Fro gestallt. Allerdëngs nëmmen am Fall vun deenen zwee EU-Staten Éisträich a Lëtzebuerg. An anere Wierder: Fir all aner Finanzplaze soll d'Entraide sur demande gëllen, derbannst, wann et der Bréisseler Kommissioun no geet, automatesch alles iwwer eis Bankclienten un deenen hire Fisc am Ausland misst gemellt ginn.

De Luc Frieden ass net ze beneiden, wann hien eist Bankgeheimnis an domat e Stéck vun eiser Finanzplaz verdeedege muss. Well hien huet dobäi ausser den Éisträicher keng Alliéiert, op déi hien ziele kéint, duerfir awer lauter Kolleegen, déi esou séier wéi méiglech mat der Lëtzebuerger Finanzplaz oder op d'mannst mat hirem Bankgeheimnis Schluss maache wëllen an dobäi net mierken, datt souguer esou eng Operatioun mat engem kräftege Selbstgoal fir Europa endege wäert.

Mir halen eisem Finanzminister an deenen, déi muer mat him zu Bréissel - muer, hein! - zu Bréissel am ECOFIN untriede mussen, d'Daumen, fir datt et hinne geléngt, dat Schlëmmst ofzewieren, och wa se déi aner alt erëm eng Kéier net vun der Stéchhalteg-

keet vun eisen Argumenter iwwerzeegt kréie sollten.

Eise Finanzminister wäert hinne fir d'x-te Kéier erklären, datt en automateschen Informatiounsaustausch zu enger flagranter Konkurrenzverzerrung bannent der EU féiere wäert, well déi meescht aner Länner bei sech doheem un hirer Quellesteier festhale wäerten a keng automatesch Kontrollmatdeelung am Land selwer aféiere wäerten. Dat heescht, den däitsche Fisc géif automatesch alles iwwer en däitsche Bankclient zu Lëtzebuerg gewuer, mä näischt, wann dee säi Kont zu Tréier hätt.

Datselwecht Argument, dat Argument vum berühmten „level playing field" gëllt och vis-à-vis vun den Drëttlänner, déi natierlech eis Lëtzebuerger eng laang Nues dréine wäerten, well si keen automateschen Échange, mä nëmmen een op Demande hi maache mussen. Datt Europa sech domadder an den eegene Knéi schéisse géif, well d'Suen dann all aus Europa erausgéingen, schéngt eise léiwe Partner nach net opgaangen ze sinn. Am Contraire zu deemools, wéi Lëtzebuerg grad mat deem Argument um Sommet zu Feira d'Quellesteier fir sech an nach zwee aner Länner duerchgesat hat.

Et steet also muer esou munches um Spill zu Bréissel. Ech wëll elo net der Däiwel un d'Mauer molen a behaapten, et géif muer ëm alles oder näischt. Eis Finanzplaz ass och entre-temps esou gutt opgestallt, datt si jo och ouni Bankgeheimnis net gläich ënnergoe géif. Mä ongeféier 6.000 Aarbechtsplazen, heescht et, wiere wuel duerch d'Päif, wa mir d'Privatkonnegeschäft ofschreiwe missten - d'Privatkonnegeschäft, bei deem et ëmmerhin ëm gutt 250 Milliarden Avoire geet a vläicht nach e bësse méi, well en Akzident an eisem Private banking derzou féiere kéint, datt eis Plaz lues a lues esou vill Substanz verléiert, datt si um Enn net méi genuch kritesch Mass huet, fir weiderzebestoen.

A wann een da weess, wéi vill Gewiicht déi Finanzplaz an eiser Ekonomie huet - leider, muss ee soen -, da kann ee sech liicht ausmolen, op wéi engem dënnen Äis mir am Ablack heiheem danzen. Mä och ouni datt et zu deem GAU kënnt, ass déi Virstellung, datt mir an Zukunft méi kleng Bréidercher bake missten, guer net esou dernieft. Eng och nëmme liicht deziméiert Finanzplaz an eng Exportindustrie, där d'Konkurrenz aus de Bëlleglänner ëmmer méi op de Pelz réckelt, sinn op alle Fall net déi beschte Viraussetzungen, fir erëm zu engem ekonomeschen „high flyer" ze ginn, wéi mir dat bis elo waren.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, esou eng Perspektive sollten eis dann och derzou unhalen, net ze liichtfankeg un der Verschëldungsschrauf ze spillen, nëmme fir datt mir eis net der Decken no strecke mussen, déi eppes méi kuerz ginn ass.

Näischt géint eng krisebedéngt Verschëldung, géint en „deficit spending", mat deem d'Spiral no ënnen an d'Depressioun évitéiert ginn. Och näischt géint eng Verschëldung, déi duerch d'Investitioun an d'Infrastruktur vum Land entsteet, well schliesslech profitéiere virun allem déi dovunner, déi no eis kommen. An da kënne se jo och mat upake beim Bezuelen.

Mä bei där Scholdelaascht inklusiv Zënsen an Zréckbezuele wäert et net bleiwen. Mir tässelen eise Kanner an eise Kandskanner nach eng weider Laascht op de Bockel, déi zum Iwwerdross net ofhuelen, mä permanent zouhuele wäert. Dir hutt et geroden: Ech schwätze vun de Pensiounen.

Et stëmmt, mir hunn am Privatsecteur dee beschte Pensiounsregime wäit a breet, mä e Schéinheetsfeeler huet en dach: Hie baséiert op dem Prinzip vun der Répartitioun, also vun engem sougenannten Ëmlageverfahren, bei deem déi, déi schaffen, fir d'Pensioune vun hire Virgänger opkommen.

Dee System funktionéiert awer nëmmen esou laang gutt, wéi sech Aktiver a Pensionéiert d'Woschuel halen. Wann deen Équiliber eng Kéier gestéiert ass, geet d'Rechnung net méi op! Entweder wiisst d'Zuel vun den Aktive méi séier wéi déi vun de Pensionéiert, da gëtt et en Iwwerschoss an de Pensiounskeesen. Dat ass jo haut de Fall, do leien am Moment - mengen ech - néng Milliarden, genuch fir eis véier Joer laang iwwer Waasser ze halen ouni een Euro Recette.

Wann et awer ëmgekéiert ass, an dat schéngt eis elo ze bléien, wann d'Beschäftegung wéinst der méi lueser Wirtschaftsentwécklung offlaacht, da gëtt et och deen anere Wee, da gëtt d'Laascht ëmmer méi grouss fir déi Aktiv, déi ës eng Kéier wuel genuch kréien an dat vläicht spéitstens dann, wa bis d'Halschent vun hirem Revenu fir der Virgängergeneratioun hir Pensiounen dropgeet.

An hirer Etüd iwwert d'Zukunft vun eise Pensiounen, op déi ech e bësse méi wäit a mengem schrëftleche Rapport aginn, huet d'Inspektioun vun der Sécurité sociale ausféierlech op déi Problematik higewisen. Bei der Lecture vun deem Dokument kënnen engem schonn d'Hoer zu Bierg stoen. Zum Beispill dann, wann d'IGSS engem virrechent, datt mat nëmme méi 2% Wuesstum an der Moyenne bis 2060 - dat ass vill méi nobäi, wéi déi meescht mengen - den Emploi hei am Land sech verdräifache misst an datt da bei eiser demographescher Entwécklung op ee Lëtzebuerger véier Frontaliere komme missten, fir datt mir iwwerhaapt nach d'Kéier mat eisem Pensiounssystem kréichen.

Et misst deemno jiddwerengem aliichten, datt mir eppes ënnerhuele mussen, an zwar geschwënn. Et ass eng vun deene virdrénglechsten Aufgabe vun dëser Regierung, dee Pensiounsproblem, virun deem mir eis vläicht vill ze vill laang gedréckt hunn, endlech richteg an de Grapp ze huelen an Ausweeër aus der Sakgaass ze fannen, ier mir an déi berühmt Rentemauer knuppen.

Un Iddien a Virschléi feelt et net: Vun engem no hanne geréckelte Pensiounsalter iwwer eng Verstäerkung vum zweeten a vum drëtte Pilier - wuelgemierkt als Ergänzung, net als Ersatz fir déi gesetzlech Pensioun - bis op eng Mëschformel tëschent Ëmlo- a Kapitaldeckungsverfahre fënnt sech esou alles, wat denkbar ass, an deem Iddiëkuerf. Et brauch een nëmmen dranzegräifen. An dat schéngt jo am Moment an deem Rentegrupp vum Sozialminister ze geschéien, deen enger 15 Punkte fir eng Reform erausgeschielt huet.

Här President, wann ee vu muer schwätzt a sech wéi eis Regierung Gedanken - hoffentlech - doriwwer mécht, wéi mir eis opstelle mussen, fir eis och nach muer als Land ze behaapten, als klengt Land, deem haut näischt méi geschenkt gëtt an dat gehéireg struewele muss, fir mat deene grousse mathalen ze kënnen, da kënnt een net derlaanscht, sech Gedanken iwwert d'Zukunft vun eiser Ekonomie ze maachen. Mir haten hei an der Chamber deen Exercice am Ufank vum Joer gemaach, wéi mir eis am Kader vun eiser Spezialkommissioun mat der Wirtschafts- a Finanzkris auserneegesat hunn, an dat ënnert der Mathëllef souwuel vun de Wirtschaftskräften, vun in- an auslänneschen Experten an och vun der Regierung selwer.

Ech wëll elo net méi hei all dat opdëschen, wat deemools an der Krisekommissioun zesummegedroe gouf a wat a liicht aktualiséierter Form och haut nach Bestand huet, och wann et deemools e bëssen an der virelektoraler Wull ënnergoung. Hei nëmme just e puer Gedanken iwwert dat, wat mir ënnerhuele kéinten, ënnerhuele missten, fir eise Liewensstandard méiglechst ze erhalen an och deenen, déi no eis kommen, en Handwierksgeschier ze hannerloossen, dat hinnen erlaabt, op d'mannst net méi schlecht wéi hir Virgänger ze liewen.

Wat eis Ekonomie ubelaangt, ass de Mot d'ordre ganz einfach deen heiten: Mir mussen eis Finanzplaz konsolidéieren, well ouni si geet et einstweilen emol nach net, a mir mussen eis Ekonomie diversifizéieren, fir datt se och an Zukunft op méiglechst stabile Bee steet.

Wat d'Finanzplaz ubelaangt, gëllt et, déi Diversifizéierung weiderzeféieren, un där säit jeehier geschafft ginn ass. De Wee ass dobäi bal ëmmer deeselwechten. Et gëtt gekuckt, wat sech esou doruechter an der Welt an deem Beräich deet, wou sech nei Märt opdinn, wou nei Clienten ze huele sinn a wéi eng Produkter grad am Komme sinn. Da gëtt, wann néideg, e gesetzleche Kader fir dat neit Produkt oder déi nei Produkter gezammert, ginn d'Acteuren op der Plaz an hir Mammenhaiser iwwert déi ugestrieften Innovatiounen an d'Bild gesat, a schliesslech ginn d'Marketingsspezialisten an d'Welt geschéckt, fir déi néideg Reklamm fir déi nei Produkter ze maachen.

Wann Dir mech elo frot, wat eis Finanzplaz dann elo Neies ze bidden huet a wat am Tube ass, kann ech Iech nëmmen dat widderhuelen, wat och schonn am Premier senger Regierungserklärung gesot ginn ass. Eis Plaz ass amgaang, sech als Spezialist vun der Begleedung an der Mikrofinanz ze etabléieren. Si huet sech hannert d'Philanthropie geklemmt, déi sech als villverspriechend Pist erausstellt, a si huet den „islamic banking" an d'Viséier geholl, ëm dee sech zwar am Ablack jiddweree rappt, deen awer aus enger Rëtsch vu Grënn zu Lëtzebuerg besser opgehuewe wär, wéi soss anzwousch an Europa.

Dernieft gëtt et natierlech weider déi scho klassesch dräi Piliere vun eiser Plaz, ronderëm déi dauernd nei Aktivitéiten entstinn, sief et elo an der Verméigensverwaltung, am Fongegeschäft oder bei der Liewensversécherung.

Eng nei Pist am Private banking wär déi, d'Clienten aus dem Beräich vun de sougenannten „high net worth individuals" - an der Ofkierzung HNWI - unzezéien, fir all déi Konnen ze erzetzen, déi der Plaz duerch dat Gedeessems ëm d'Bankgeheimnis verluer ginn, well et ginn der verluer. Or, ech héiere schonn d'Gejäiz, datt mir keen zweet Monaco wëlle ginn. Mä ech schwätzen hei vu Clienten, déi kengesfalls Steiere strëppe wëllen, mä déi just op der Sich no enger zolitter, politesch zolitter, sozial zolitter Finanzplaz sinn, déi déi néideg Kompetenz opzeweisen huet, fir hir Verméigensverwaltung gutt ze maachen.

Bei de Fongen deet sech och en neie Créneau op mat engem Produkt, dat wuel net méi ganz esou nei ass, awer scho muncherengem den Hick gëtt, wann een et nëmmen ernimmt. Ech mengen d'Hedge-Fongen, déi nuren doduerjer a Verruff gerode sinn, well si an deene falschen Hänn gelant waren, an déi un a fir sech genee wéi d'Titrisatiounsprodukter total an der Rei sinn. Mir kënnen dann natierlech e spatze Mëndche maachen a soen, mir wéilten dat alles net bei eis.

Abee gutt, och dat wär e Choix. Dann huelen déi aner sech eben dee Business a verdéngen domat déi Suen, op déi mir gefleet hunn.

An hirem Rapport hat d'Krisekommissioun sech och des Laangen an des Breede mat den Diversifizéierungsméiglechkeete vum Rescht vun eiser Ekonomie beschäftegt an dobäi virun allem d'Betounung dorop geluecht, datt mir nëmmen op déi Façon fäerdeg brëngen, eis lues a lues aus där geféierlecher Ofhängegkeet vun eisem Haaptsecteur, nämlech der Finanzplaz, erauszestruewelen.

Och wann den Trend hin zur Déngschtleeschtung net ze leegnen ass, bleiwen am Industrieberäich dach nach ëmmer genuch Nische fir Kleng- a Mëttelbetriber, déi an hiren Ateliere Komponente fir all Zorte vu Gidder produzéieren. Nure mussen déi Nischeprodukter esou élaboréiert an esou sophistiquéiert sinn, datt si genuch ofwerfen, fir eisen Écart zu den Niddreglounlänner ze kompenséieren.

Do, wou awer eis gréisste Chancë leien, ass am Serviceberäich. Do hu mer jo schonns eis Erfahrungen dran, ugefaange beim RTL Group, deen zwar haut engem däitsche Konzern gehéiert, deen awer weiderhi seng Zentral zu Lëtzebuerg huet an do seng Roll als Pivot vun engem Multimediascluster spillt. Datselwecht kann ee vun eiser Satellitefirma SES ASTRA soen, déi och Maartleader an hirem Beräich ass, déi gläich e puer nei Satelliten a Commande ginn huet an déi sech elo och mat anere Lëtzebuerger Firmen an de Galileosprojet gehaangen huet. Dir wësst jo: deen europäesche Pendant zum amerikanesche GPS, deen zwar genial ass, awer deen een Nodeel huet, an zwar den Nodeel, datt en de Monopol vun enger Groussmuecht ass, déi muer de System ausschalte kéint, wa si et fir militäresch noutwendeg géif halen.

Dat beschte Beispill fir e Cluster-Zesummespill ass natierlech d'Cargolux, déi leider vill Schlagzeilen am Moment mécht, mä där hir Problemer awer wahrscheinlech elo geléist sinn. D'Cargolux, déi e ganze Schwaarm vun Transporteuren ugezunn huet an d'Regierung op d'Iddi bruecht huet, voll op d'Logistik ze setzen, an do deet sech och esou Etleches.

Geneesou wéi am Beräich vum E-Commerce, an deem eist Land sech zimlech gutt positionéiere konnt, well et gelongen ass, e puer Schwéiergewiichter aus där Branche wéi Apple, eBay, Amazon an esou weider dozou ze brëngen, hiert europäescht Haaptquartéier hei zu Lëtzebuerg opzeschloen.

Och wann ee vun eise Standuertavantagen, nämlech déi niddreg TVA, bis 2015 seng Attraktivitéit sollt abéissen, well eben eis léif europäesch Partner eis dee Succès net grad vergonnen, kéinte mir dach nach am Geschäft bleiwen, net fir d'lescht, well déi Acteuren, déi scho bei eis sinn a sech hei wuelfillen, déi beschte Reklamm fir eist Land vis-à-vis vu méiglechen aneren Acteure sinn.

Et léisst sech nach villes iwwert den Ausbau vun eisem Wirtschaftsapparat soen, och iwwert dat, wat sech am Handwierk an am Commerce deet, déi zwar alle béid am Moment nach nëmmen eng kleng Roll am Export spillen, deenen hir Begleederfunktioun an eiser Ekonomie een awer net ënnerschätzen däerf. Hei schaffen ëmmerhin eng 130.000 Leit, also e gudden Drëttel vum Gesamtemploi.

Eng vun de virrangegen Ambitioune vun deenen zwee Secteuren - ech mengen d'Handwierk an de Commerce - muss elo déi sinn, iwwert déi al Grenzen eraus de Maart vun der Groussregioun opzerullen, sief et doduerch, datt d'Handwierksbetriber sech déi entspriechend Dimensioun ginn an datt de Commerce säi But erreecht, d'Handelsmetropol vun der Groussregioun ze ginn, enger Groussregioun, vun där Lëtzebuerg schonn den Haaptemployeur ass. Dat solle mer net vergiessen!

Wa mir vu Wirtschaftsdiversifizéierung a vun Innovatioun schwätzen, da sollte mir och dat formidabelt Instrument net vergiessen, dat mir eis virun e puer Joer ginn hu mat eiser Uni. Och wa sech fir munchereen d'Uni op eng simpel Standuertfro ze reduzéiere schéngt, stécht dach immens vill méi do derhannert.

Dank der zolitter finanzieller Ënnerstëtzung duerch de Stat, déi op kee Fall gekierzt däerf ginn, an och dank enger dynamescher Féierung - dat soll een och emol eng Kéier soen - huet eis Uni sech a kierzester Zäit op der akademescher Weltkaart positionéiert an zitt haut Studente vun iwwerall un. Mä de Studium ass nëmmen déi eng Facette, déi aner ass d'Recherche, déi op der Uni bedriwwe gëtt an déi zum Deel schonn éischt Resultater bis an d'praktesch Verwäertung duerch d'Ekonomie eran opzeweisen huet.

Dank der Uni si mir amgaang, eis zum Kompetenzzentrum, zum Centre of excellence an eenzelne Beräicher wéi dem europäesche Recht oder de Finanzwëssenschaften ze entwécklen.

A wann een dann nach bedenkt, datt ënnert der Regie vun därselwechter Uni ganz nei Créneauë wéi beispillsweis am Beräich vun der Biomedezin amgaange sinn, sech opzedinn, da versteet een, firwat déi Uni vun existenzieller Wichtegkeet fir eist Land ginn ass. Et kann ee sech just froen, firwat mer esou laang domat gewaart hunn.

(Interruption)

Well ech a mengem schrëftleche Rapport e bësse méi in extenso op de Marketing an op d'Promotioun vum Standuert Lëtzebuerg a senge Produkter aginn - déi, déi mech kennen, déi wëssen, datt dat mer besonnesch um Häerz läit -, wëll ech dee Punkt hei iwwersprangen - also, ech iwwerwanne mech - an zum Schluss kommen, well ech hunn Är Gedold scho laang genuch strapazéiert.

(Interruption)

Mäi lescht Uleies ass dat, wat och schonn am Rapport vun der Krisekommissioun

kuerz ugeschnidde gi war a mat deem ech mech dës Kéier e bësse méi intensiv am schréftleche Rapport befaasst hunn. Dir wësst, datt de Begréff, deen haut vun de Politiker, den Ekonomisten, Statistiker am dackste beméit gëtt, dee vum Produit intérieur brut, vum PIB ass, mat deem d'Leeschtungskraaft vun enger Volkswirtschaft gemooss gëtt. Elo ass et awer esou, datt dat Instrument nëmme just d'Produktioun, dat heescht déi ekonomesch Performancë moosst, also reng quantitativ Moossstäb uleet an och nëmme materiell Wäerter berücksichtegt. Dat war jo bis elo an der Rei, mä et ass awer dach vill ze kuerz gegraff, well d'Wirtschaft nun emol net den Alpha an Omega vun der mënschlecher Natur ass.

Vun der Ekonomie eleng kann de Mënsch net liewen. Eisem PIB, esou wéi mer en haut hunn, feelt ganz einfach déi human Dimensioun. Duerfir gëtt scho méi laang no engem Ersatz fir dat Moossinstrument gesicht. Déi eng hu gemengt, et misst een e PIB du bonheur ausschaffen, wat natierlech e bëssen naiv war, well wéi kann ee schonn dat ganz individuellt a subjektiivt Element Gléck moossen? Anerer hu vun engem PIB vert geschwat, wat scho méi realistesch, awer vläicht dach e bëssen ze kuerz gegraff ass.

Elo schéngt sech dann eng Eenegung iwwert de Begréff PIB du bien-être ofzezeechnen, deen op dräi Aggregater berout: éischtens op dem ekonomeschen, also op de Bestanddeeler vum aktuelle PIB, allerdéngs a verfeinerter Form; zweetens dem nohaltegen, dat jo och scho laang am Gespréich ass a grad elo erëm mam Klimawiessel aktuell ginn ass; an drëttens dem sozialen, mat deem dann de Mënsch mat alle sengen duerchaus subjektive Befindlechkeeten definitiv an de Mëttelpunkt vun allem gestallt soll ginn.

Iwwert déi dräi Stäipe besteet haut am Prinzip méi oder wéineger Eenegkeet. Mä wéi se berechent gi sollen, doriwwer zerbrieche sech d'Spezialisten nach d'Käpp. D'Fransousen hunn elo kierzlech probéiert, sech schlauzemaachen, a si hu gläich zwee Nobelpräisdréier derhannert gespaant. Een dovu war de Joseph Stiglitz. De Joseph Stiglitz, deen eigentlech jiddwer Journalist säin Häerz misst méi héich schloe loossen, well hien d'Theorie opgestallt huet, datt et déi ideal Demokratie esou laang net gi kann, bis datt all Mënsch d'selwecht gutt a komplett informéiert ass. Ech hoffen, datt meng al Kolleegen dat matkritt hunn.

Dee Punkt fënnt sech allerdéngs net an deenen zwielef Recommandatioune vun der Stiglitz-Kommissioun fir de PIB du bonheur erëm. Mä déi Recommandatioune sinn dach e ganz wäertvolle Bäitrag zur ëmmer méi breet geféierter Diskussioun iwwert de Wuesstumsmodell vu muer, un deem elo e bëssen iwwerall gezammert gëtt.

Et wäert awer wuel nach Joren, wann net Jorzéngten daueren, bis déi Aarbechten ofgeschloss sinn a jiddweree mat de Kritären d'accord ass, op deenen deen neie PIB als weltwäit akzeptéiert Norm opgebaut wäert sinn.

Et kéint een natierlech soen: Wat hu mir kleng Lëtzebuerger dann an deem Spill ze sichen, dat am Enn dach déi Grouss ënner sech ausmaache wäerten? Mä ech mengen, datt et wuel derwäert wär, datt mir eis dodranhänken an datt eise Statec vun Ufank u mat um Dësch sëtzt, wann déi Kritäre fir de PIB du bien-être ausgeschafft ginn. Net well mir onbedéngt de Rescht vun der Welt wëlle mat eisen Usiichte schoulmeeschteren, mä well mir och eng Meenung doriwwer hunn, wéi de Mënsch mat all sengen Ambitiounen, senge Stäerkten an och sengen Onzoulänglechkeete sech a sengem Emfeld positionéiere misst.

An anere Wierder: Dat vill beméite Schlagwuert vun eis Politiker vum „Mënsch am Mëttelpunkt" soll kee Schlagwuert méi bleiwen, mä et soll endlech Realitéit ginn. Wa mir dat ronnkréien, dann hu mir schonn eppes geleescht, fir eis selwer an nach méi fir déi, déi no eis kommen.

Déi wäerten eis dofir Merci soen, esou wéi ech lech elo fir Är Gedold, fir Är Ausdauer a fir Är Opmierksamkeet och Merci soen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Rapporteur Merci an ech ginn him Akt vu senger Deklaratioun. En Donneschdeg um hallwer dräi héiere mer den Exposé vum Finanzminister Luc Frieden. Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer um hallwer dräi nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.05 heures)

SÉANCE 10 MERCREDI, 2 DÉCEMBRE 2009

Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

1. 6019 - Projet de loi relatif à la mise à niveau des annexes A, B et C du Palais de la Cour de justice des Communautés européennes à Luxembourg-Kirchberg
- *Rapport de la Commission du Développement durable: M. Lucien Clement*
- *Discussion générale: M. Fernand Kartheiser*
- *M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

2. 6043 - Projet de loi relatif à la construction de la Maison des Sciences humaines à Belval
- *Rapport de la Commission du Développement durable: M. Lucien Clement*
- *Discussion générale: M. Eugène Berger, Mme Lydia Mutsch, M. Gast Gibéryen*
- *M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

3. 6061 - Projet de loi relative à la construction de la deuxième phase du Laboratoire National de Santé à Dudelange
- *Rapport de la Commission du Développement durable: M. Lucien Clement*
- *Discussion générale: M. Eugène Berger, M. Alex Bodry, M. Jacques-Yves Henckes*
- *M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. 5823 - Projet de loi sur les permissions de voirie et modifiant la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds des routes
- *Rapport de la Commission du Développement durable: M. Ali Kaes*
- *Discussion générale: M. Fernand Etgen, M. Fernand Diederich*
- *M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

5. Question avec débat N°4 de M. Jean Huss au sujet de la lutte antitabac de 2006
- *M. Jean Huss, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. François Biltgen, Mars Di Bartolomeo et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Ech gesinn, et ass nach kee Regierungsvertrieder hei. Da brauch ech also och net ze froen, ob d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen huet.

Eisen éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 6019 betreffend de Bau vun Annexe fir den EU-Justizhaff. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an et huet sech bis elo just ageschriwwen: den Här Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

1. 6019 - Projet de loi relatif à la mise à niveau des annexes A, B et C du Palais de la Cour de justice des Communautés européennes à Luxembourg-Kirchberg

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Stater Quartier Kierchbierg gëtt zënter Jorzéngten niewent de Banke virun allem vun imposante Gebaier vun der Europäescher Unioun dominéiert. Ënnert deene Gebaier stiechen natierlech direkt déi Handvoll Héichhaiser an d'Aen, déi ronderëm d'Place de l'Europe stinn.

M. le Président.- Ech géif lech och bieden alleguerten, e bësselche besser opzepassen. Da géif een och den Här Clement besser verstoen.

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Geet et elo besser? Nach net.

Ënnert hinne befanne sech zënter dem Joer 2008 och déi zwee Tierm vum Europäesche Geriichtshaff, déi am Kader vun der véierter Erweiderungsphas gebaut gi sinn. Mat dësem Neibau huet sech de Geriichtshaff vun den europäesche Communautéite ganz kloer zum Site Lëtzebuerg bekannt a seng Präsenz elei am Land nach weider gefestegt.

Dobäi ass de Geriichtshaff eng vun deenen europäeschen Institutiounen, déi hire Sëtz vun Ufank un elei zu Lëtzebuerg hat an déi net am Laf vun der Zäit op Bréissel oder Stroossbuerg geplënnert ass.

Esou hat den Europäesche Geriichtshaff vun 1952 bis 1972 säi Sëtz fir d'éischt an der Villa Vauban an an engem Gebai an der Côte d'Eich, éier en dunn 1972 definitiv op de Kierchbierg geplënnert ass.

Am Laf vun de Joren ass dat Gebai um Kierchbierg regelméisseg ëmgebaut respektiv och vergréissert ginn. Esou koum 1985 d'Gebai Erasmus, 1989 d'Gebai Thomas More, am Dezember 1990 d'Gebai C an ebe viru kuerzem, am Dezember 2008, déi zwee Tierm an d'Vergréisserung vum Haaptgebai derbäi.

All dës Gebaier stellen zesummegeholl schonns en imposanten architektoneschen Ensemble duer. Allerdéngs leien tëschent deenen dräi éischten Erweiderungen an där véierter ronn 18 Joer, wat derzou féiert, datt déi eenzel Gebaier vum Europäesche Geriichtshaff net déiselwecht modern Aarbechtsbedéngungen hunn an deemno och keen eenheetlecht Bild no baussen duerstellen.

Fir deem entgéintzewierken, huet d'Lëtzebuerger Regierung am Accord mat dem Geriichtshaff décidéiert, fir déi bestehend Gebaier A, B an C ze renovéieren a se deem modernsten Deel vum Geriichtshaff dann och unzepassen.

An dësem Sënn huet de Bauteminister, den Här Claude Wiseler, de virleienden Text de 24. Mäerz 2009 an der Chamber déposéiert. De Statsrot huet säin Avis zum Projet den 22. September 2009 ofginn. An an der Sëtzung vun der Bautekommissioun vum 26. Mäerz 2009 gouf ech zum Rapporteur vun dësem Gesetzesprojet genannt. An der Réunioun vum 14. Oktober 2009 hunn d'Membere vun der Nohaltegkeetskommissioun de Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot analyséiert, fir dunn den 28. Oktober och de Rapport unzehuelen.

Här President, de virleiende Gesetzesprojet wäert déi méi al Gebaier vum Europäesche Geriichtshaff zwar renovéieren, mä gläichzäiteg awer och Wäert drop leeën, datt d'Gronderscheinungsbild vun de Gebaier net déif gräifend verännert gëtt. Esou wäerte bausse just d'Diech erneiert an den Zougank zum Erasmusgebai vergréissert ginn. An de Gebaier selwer gi virun allem d'Büroen, d'Audienzsäll, d'Iwwersetzerkabinnen, d'Sanitärinstallatiounen an déi zwee Parkinger moderniséiert. Ausserdeem wäert d'Sécherheet verbessert ginn an d'Energiespuersamkeet vun de Gebaier gëtt och verstäerkt. Am grousse Ganze stellen déi betraffe Gebaier eng Gesamtfläch vu 60.000 m² an e Volume vun 219.000 m³ duer.

Fir déi gesamt Renovéierung si maximal 88 Milliounen Euro am virleiende Projet virgesinn. D'Finanzéierung ass dann och konform mam Gesetz vum 13. Abrëll 1970, dat d'Konditioune festleet, no deenen d'Regierung Gebaier baue kann, déi vun öffentlechem Interessi sinn.